

Här Buergermeeschter,

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot,

Léif Leit déi eis elo vun doheem am Livestream nokucken,

De Kollege Guy Wester als dësjäregen Budgetsrapporter huet schonn vill iwwert d'Zuelen am Budget geschwat, dofir probéieren ech mech mat den Zuelen kuerz ze faassen

Ech wëllt awer eng Kéier kuerz opzielen wat an deenen verschiddenen Gebieter an nächster Zäit wäert investéiert gin, fir dass mir och weiderhin eng flott an attraktiv Gemeng behalen wou et sech gutt dra wunnen a liewen léist.

A punkto Infrastrukturen hunn mir an den vergaangenen Joren immens vill investéiert, an dat soll a wäert sech och an den nächsten Joren net änneren.

Mir wëssen alleguer dat de Logement, bezuelbaren Wunnraum méi wéi e grousst an wichtegt Thema ass, eng Suerg déi net nëmmen eis an der Hesper Gemeng betrëfft.

Ech wëll elo net opzielen waat an den leschten Joren alles realiséiert gin ass, mé wëll kuerz op e puer vun eisen zukünftigen Projeten op deem Gebitt agoen; sou ass fest an der Planung bei der Neigestaltung vun der Place Paul Jomé zu Hesper 50 Wunnengen à coup modéré ze realiséieren. Niewen drun bei der Crèche Jangli wou aktuell nach den Parking besteet, wëllen mir zousätzlech eng gréisser Résidence bauen mat 18 weideren Wunnengen.

Um Houwald an der rue des Scillas hunn mir eis 11 Unitéiten an deem nei entscheidenden Wunnquartier vum PAP AXS geséichert.

Mir wäerten an den Infrastrukturen awer och weiderhin staark investéieren, sou vergréisseren mir d'Maison de Retraite „beim Klouschter“ um Houwald mat engem neien Gebai dat zu Geriatrie Zwecker dringend gebraucht gëtt.

Am schouleschen Beräich gët d'Houwalder Grondschoul um Plateau vergréissert an ëmgebaut. Dëst ass e ganz groussen, komplizéierten a kostspielegen Projet deen sech iwwert e puer Joer wäert zéien.

Weider müssen mir eis och Gedanken maachen fir an den kommenden Joren eng Schoul a Richtung Midfield ze bauen, grad wéi och d'Schoul zu Alzeng op der rue de Syren ze vergréisseren.

Am sportlechem Beräich gëtt och weiderhin geplangt a realiséiert, sou waert 2023 déi nei Sportshal II um Holleschbiërg schlussendlech fäerdeg gestallt kënnen gin, sou dat de Basket, de Volleyball den Dëschtennis an de Klôterclub nach weider besser Trainingsméiglechkeeten kréien.

D'Sportshal vun der Fentenger Schoul gëtt énergétësch renovéiert.

Déi nei Sportshal an der Alzenger Schoul „an de Wiesen“ ass net nëmmen destinéiert, méi kann och zu Trainingsméiglechkeeten vun eisen Sportsveräiner déngen.

Den Stade Albert Kongs zu Izeg huet eng nei Tribün mat zousätzlechem Vestiairen respektiv enger Buvette ausgerëscht gin.

Den Tennis-Club Houwald kritt der Gemeng hier finanziell Ënnerstëtzung beim Botzen vun der Toile vum opblosbaren Zelt, wéi och vun den Aussenterrains déi duerch d'Aarbechten vum Chantier Tram a Mattlédenschaft geroden waren.

Wat den aktuellen Site vum Houwalder Tennis ubetrëfft, sollten mir eis wierklech iwwert dësem seng Lag an der rue des Scillas Gedanken maachen.

Um Lieu-dit „Espan“ wéi och um Holleschbiërg gin nei synthetesch Trainingsterrain'e fir déi sëllegen begeeschtert jonk Fussballspiller ugeluecht.

Weider ass op den Espan en Fitnessparcours fir d'Allgemengheet ëntstaan.

Nei Vëlospisten sinn uechtert d'Gemeng an der Planung, esou eng Verbindung tëschent dem Plateau Izeg déi dann an der Géigend vun der Gantenbeinsmillen und déi bestehend Velospist kann ugebonden gin, tëschent Izeg an Hesper wéi och vum Houwald duerch de Bësch erof op Hesper bei d'Drousbëch.

Fir d'Sécherheet vum Stroum um Holleschbiërg, an den Halen wéi och op den Terrain'en ze garantéieren muss en zousätzlechen Transformator en place gesat gin.

Um Stade Alphonse Theis muss eng Remise en état vum Hybrid Wues an der Berieselungsanlag gemaach gin. No bal 25 Joer wou dësen schéinen Stadion besteet, muss och drun geduecht gin fir dësem an noer Zukunft en „face-lifting“ ze gin.

Wat de ganzen Volet „Sport“ an eiser Gemeng ugeet, hunn mir mam Sydney Loes e kompetenten an jovialen Coordinateur Sportif agestellt, dem Sydney deem ech vun dëser Platz aus fir säin Asatz wëll Merci soen.

Als Präsident vun der Kulturkommissioun an als Member vum Kulturkrees Hesper, an beschter Zesummenaarbecht mat eiser Kulturschäffin Diane ADEHM, an ech profitéieren heivun och nach eng Kéier dem Diane villmools Merci soen, hunn mir iwwert den leschten Summer ewèg e vollen Succès mam anzwëschenzeitlechen iwwert d'Gemeengegrenzen eraus bekannten „Hesper Kultursummer“, wou mir dëst Joer schonn déi 10ten Editioun feieren konnten. E villfältegen Programm mat all Genren vun Museksrichtungen wou fir jiddereen vun eisen Matbierger eppes derbei war, ech wëll kuerz opzielen; Rock am Park, Classic am Parc, den super concert mat der original Münchener Freiheit, mat Abba, an Coldplay fir nëmmen dës nach eng Kéier ze ernimmen.

Bei dësen Eventer muss een ervirsträichen dat et net nëmmen ëm den musikaleschen Deel geet, méi dëst och en zesummekommen ass vun villen Leit, Länner, Sproochen a Kulturen, an sech als déi perfekt Intégratiounsméiglechkeet ubitt.

Desweideren huet eisen „Kultursummer“ och nach deen flotten finanziellen Nieweneffekt fir eis lokal Veräiner déi sech beim Iessen a Gedrénks bedeelegen. D'Zuelen beleen dëst wann een d'Lëscht vun den Veräiner kuckt déi hier Participatioun ausbezuelt kruten.

Fir eisen Nationalfeierdag am Juni wäerten mir dat nächst Joer och en attraktiven Programm am Parc op d'Been stellen.

2 Bünen sollen den nächsten Summer opgebaut gin, fir dass och eis Museksschoul a weider kulturell Veräiner aus eiser Gemeng dës kënnen benotzen.

Ech wëll och eisen Wanterflair mat eise flotten Chrëschtmaart während 3 Weekender ernimmen. Och hei gëllt et en ofwiesslungsräichen Programm mam Kleeschen fir eis Kanner, Partyen fir eis Jugendlech, Thé dansant um Sondegmëtteg an déi beléiften Themenowenter, an och hei kann ee vun engem volle Succès schwätzen, an eis Veräiner huelen och dës recettes de participation dankend un.

Mé eis Kultur fënnt net nëmmen am Summer als „open-air“ statt, nee an eise CELO fannen extra uspriechend Concert'en statt wéi den traditionellen Neijoersdaagsconcert mam OCL oder mat der Big-Band vun eiser Militärmusek fir nëmmen dës ze nennen.

Ech erënneren och un déi formidabel Expo „HespArt“ am Foyer vum selwechten CELO Gebai. Dëst ass och e Grond wisou den Budgetsposten Kultur

kontinuéierlech erop geet, mé mir hunn deen vun Musiker vill gelueften CELO, jo och net gebaut fir en eidel stoen ze lÛssen.

2023 feiert d'Gemeng Hesper an hirer jëtzege Opstellung hiren 200 sten Gebuertsdag, an och dÛst wäerten mir wÛssen gebührend ze célébréieren.

Ech sinn natierlech och frou dat mir als Gemeng Hesper den Tourismus wÛllen ënnerstÛtzen. D'Haus Baumert um Hesper Schlass wäert mat Sécherheet mat derzou vun Notzen sinn fir d'Buergruinen an d'Geschicht vun Hesper ze dokumentéieren.

Ëmmer méi Touristen fannen den Wee an eis schéin Gemeng, a verbréngen hier Vakanz um Alzenger Camping. Eis zuelräich Gastrobetriebe erfreen sech hirer am Summer. Fir dem Opschwung vum Campingtourismus gerecht ze gin, muss de Camping komplett sanéiert, moderniséiert an den heutege WÛnsch an Obligatiounen ugepasst gin.

Nach e kuerzt Wuert zur Idée vun eise zukünftige City Bus;

2017 haat ech schon vun dÛsem geschwat a sinn immens frou dat mir deemnächst zousätzlech Informatiounen wäerten iwwert dÛsen waerten kréien. WÛllen mir d'Mobilité douce wierklech pushen, dann ass dÛst en „absoluten Must“ DÛsen City Bus muss mittelfristeg onbedéngt d'Ziel hunn fir den Benotzer iwwert den ganzen Dag ewèg op déi zukünftige Gare Périphérique Houwald ze bréngen vun wou aus een dann bequiem den Tram kann benotzen fir op sain Ziel ze kommen.

Um Enn vun dÛser Legislaturperiode wÛll ech eise Buergermeeschter mat sengem SchäfferrÛt luewen a Merci soen fir déi wäitsiichteg an gutt iwwerluechten Finanzpolitik, trotz ganz héijen Investissementer, déi sie an den leschten Joren réaliséiert hun! Et kann é roueg behaupten daß sie daat „en bon père de famille“ bedriwwen hunn. Mir hunn eng „Pro Kapp Verscholdung“ vun 31 € an wäerten Enn 2023 praktesch keng Scholden méi hunn. DÛst ass eng Situatioun ëm déi eis vill aner Gemeng beneiden.

**Ofschléissend** wÛll ech och eise

- Service Financier an allen weideren Bedeelegten déi un dÛsem Budgets-Dokument matgeschafft hunn ee groussen Merci aussprieche, fir déi vill a perfekt Aarbecht déi Sie a stonnelaanger Aarbecht am Sënn vun eiser Gemeng gemaach hunn.

- Ech wëll och d'Finanzkommissioun net vergiessen an hei virun allem dem Sekretär vun Kommissioun, dem Bob MULLER e ganz speziellen Merci soen fir säin detailléierten Rapport deen hien perfekt verfaast huet
- Last but not least dem Kolleeg Guy WESTER, dem dësjäregen Budget-Rapporteur fir seng perfekt Analyse vum Budget.

An deem Sënn soen ech Iech alleguerten villmools Merci fir d'Nolauschteren!

Jean THEIS